

Asyl: Den Chaos Computer Club fuerdert Asyl fir den Assange

19.08.2014, 14:01 | Fir d'lescht aktualiséiert: 19.08.2014, 14:35

D'Situatioun ëm den Julian Assange gëtt jo well rëm verstärkt an de Medien thematiséiert. Wéi et genee weider geet ass nach onkloer.



© C3L

Dass en déi ecuadorianesch Ambassade verléisst, schéngt awer sécher. Wéi den Chaos Computer Club elo fuerdert, soll Lëtzebuerg dem Julian Assange an och dem Edward Snowden Asyl ubidden. D'Politiker missten Courage weisen an net méi no der Päif vun den Amerikaner danzen, esou den Club. Déi meeschten Parteien, ausser d'ADR an d'PID wären souwisou fir esou e Schratt, sou de Club an engem Communiqué.